Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/01/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Léierpersonal an de Lycéeën ass net nëmme fir d'Wëssensvermëttlung, mee wärend de Schoulstonnen och fir d'Gesondheet vun hire Schüler responsabel. Allerdéngs sinn d'Proffen, genee esou wéi de SePAS, net medezinesch fir des Tâche ausgebilt ginn. En vue vun de villsäitege Krankheetsbiller vu Schülerinnen a Schüler gëtt en optimalen Encadrement vun alle méigleche medezinesche Situatiounen ëmmer méi néideg, mee och ëmmer méi schwiereg.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Deelen d'Ministeren d'Opfaassung, datt Jugendlecher en optimaalt medezinescht Encadrement an der Schoul brauchen?
- Wat wier de Käschtefacteur, wann een um Campus Geesseknäppchen an och zentral um Lampertsbierg wärend de Schoulzäiten de Schüler géif eng Schoulinfirmèrie zur Säit stellen?
- Ginn et Pläng vun der Regierung, fir an de Schoulen - souwuel a Lycéeën, wéi och a Schoule vum Fondamental - Infirmièren anzestellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député